

FEATURE


Uschlag op d'Enn-zu-Enn-Verschlësselung ?

RTL | Update: 30.11.2020 12:43




© Pixabay

Dovunner schwätzt de Chaos Computer Club an engem Communiqué. Wann dat géif kommen, wier et net méi méiglech, verschlësselt mateneen ze kommunizéieren unni dass en anere ka matliesen. Mir hu nogefrot.




30/11/2020 Uschlag op d'Enn-zu-Enn-Verschlësselung?

Dat hëlt een esou net hin, esou de Sam Grüneisen, deen och d'Hanngrënn erkläert. Wann dat géif kommen, wier et net méi méiglech, verschlësselt mateneen ze kommunizéieren unni dass en anere ka matliesen.



26-11-2020 c3l 2



© Pixabay

Kriminell Aktivitéiten ewéi Kannerpornografie an Terrorismus géifen also en anere Wee fannen. Mä wann déi bekannten Appen a Programmer eng Hannerdier agebaut hätten, géifen se komplett de Notze verléieren fir Leit, déi wierklech drop ugewise sinn, ewéi zum Beispill Whistleblower, Journalisten an Aktivisten. De 0-8-15-User kréich dovunner net vill mat. Dat hei dierft eis awer interesséieren, och wa mer näischt ze verstoppen hunn:



26-11-2020 c3l 2


"Esou sollen d'Hiersteller vu bekannten Appen eng Hannerdier abauen, fir dass d'Geheimdëngscher Zougrëff op d'Chats kënnen kréien. Dat gouf och schonn dacks probéiert, mä bis ewell hate se nach kee Succès domadder. Wann d'Benotzung vu Verschlësselung bis kriminell ass, wäerten och just nach Krimineller d'Verschlësselung benotzen. An dat geschitt dann och net iwwer bekannten Appen, mä iwwer Programmen wou et keng esou eng Hannerdier gëtt. Dat doten ass pueren Aktionismus, deen einfach déi falsch trëfft. E Kaz-a-Maus-Spill wat d'Justiz net gewanne kann."

De Chaos Computer Club huet eng Fuerderung vun dräi Punkten un d' EU an hir Memberstaaten. All Pläng opzeginn, déi dozou féieren dass Informatiouns-Sécherheitsmesuren geschwächt ginn an dass d'Enterprisen net dozou verpflicht ginn, e sougenannten Screening vun de Messagen virun der Verschlësselung duerchzuführen...



30/11/2020 c3l 3

"Et muss een dann awer och am Hannerkapp behale, dass alles wat een engem schreift, gespäichert gëtt. Wann et bis ee Generalschlüssel gëtt (esou ewéi dat elo gefuerdert gëtt), dann dauert et net méi laang bis et zu engem Dateleak kënn, op duerch technesch oder mënschlecht Versoen."



© Pixabay

Op déi Manéier kann de Chaos Computer Club och eppes op EU-Niveau bewegen. Bei Froen kennt Dir lech zu all Moment bei hinne mellen, do kritt Dir och Informatiounen zu Alternativen zu Whats App, Facebook a Kompanie.

<https://wiki.c3l.lu/doku.php>

WEIDER NEWS



Eng Iddi fir den Owend



Lecture vun heiheim: "Namen" vum Nico Helming a Robert Brandy



Op den Dag : den éischte Millionär beim Günther Jauch



Eng Iddi fir den Owend



Op den Dag: 75 Joer Bette Midler



Eng Iddi fir den Owend



Tipps fir Äre Glühwain



Onbedéngt bewegen!

Uewenhi sprangen



Schreift lech an eis Newsletter an:

E-Mail-Address GO



Vous souhaitez faire de la publicité sur RTL.lu ? Prenez contact directement avec notre régie publicitaire IPLuxembourg

<p>News</p> <ul style="list-style-type: none"> National Meng-Gemeng International Europa Si hu gespent Réckspigel Den Invité vun der Redaktioun Bommeleeër 	<p>Meenung</p> <ul style="list-style-type: none"> Carte Blanche Commentaire Apropos Lieserbréiwer 	<p>Mobilitéit</p> <ul style="list-style-type: none"> News Trafic Pëtrolspräisser Auto-Tester Autofestival Autospräisser Lux-Airport Radar-Kontrollen Guidage Parking 	<p>Lifestyle</p> <ul style="list-style-type: none"> News Kichen Gesondheet Verstoppte Plazen Reesen Tech-World Rosport Life Acteur de ma santé Horoskop 	<p>Kultur</p> <ul style="list-style-type: none"> News Wat Leeft Kino Musek Bicher Sprooch Kräizwuerträtsel Agenda 	<p>Sport</p> <ul style="list-style-type: none"> News Futtboll Basketball Handball Dëschttennis Volleyball Tennis Cyclissem Auto-Moto Weider Sportarten 	<p>Gaming</p> <ul style="list-style-type: none"> News Review 11F Gaming
<p>Fotoen</p> <ul style="list-style-type: none"> Aktualitéit Events a Fester Kultur Auto Télé Radio Sport RTL On Tour Päischtroisième 	<p>Meteo</p> <ul style="list-style-type: none"> Radar Nidderschléi Quantitéiten 	<p>Jobs</p> <ul style="list-style-type: none"> Jobdag Moovijob Lifelong Learning 	<p>Info</p> <ul style="list-style-type: none"> Loterie Däiererubrik Editus Letzshop SMS Servicer 	<p>Télé</p> <ul style="list-style-type: none"> Live Replay Fotoen Podcasts Informatiounen 	<p>Radio</p> <ul style="list-style-type: none"> Lauschteren Emissiounen Musek Fotoen Team Podcasts Informatiounen 	